Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 597/2024
17 SEP. 2024
A traiter par :
Copie à :

N° 1194
Entrée le 16.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.09.2024
Chambre des Députés

DP
DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 16. September 2024

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Bei eisen däitschen Nopere ginn et geziilt Fërderprogramme fir de Feldhamster ze schützen, well dëse riskéiert auszestierwen. Sou ginn z.B. extra Sträife mat Kären oder mat diversen Zorte Blummen ugeluecht, déi den Hamstere Schutz an Nahrung ubidden.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d'Populatioun vun de Feldhamsteren hei zu Lëtzebuerg an de leschte Joren entwéckelt?
- Wéi gesinn d'Fërderprogrammen an d'Zesummenaarbecht mat de Bauere bei eis am Land aus?
- Wéi ginn d'Baueren an dem Kontext entschiedegt?
- Wéi vill Flächen Akerland stinn de Moment am Déngscht vum Schutz vun de Feldhamsteren?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau a vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1194 vum 16. September 2024 vun den éierewäerten Députéierten den Häre André Bauler a Luc Emering iwwert "Hamster européen"**

**Wéi huet sech d'Populatioun vun de Feldhamsteren hei zu Lëtzebuerg an de leschte Joren entwéckelt?**

**Wéi gesinn d'Fërderprogrammen an d'Zesummenaarbecht mat de Bauere bei eis am Land aus?**

**Wéi ginn d'Baueren an deem Kontext entschiedegt?**

**Wéi vill Flächen Akerland stinn de Moment am Déngscht vum Schutz vun de Feldhamsteren?**

De Feldhamster (*Cricetus cricetus)* gouf bis elo nach net zu Lëtzebuerg nogewisen. Aus deem Grond si bis elo och nach keng Hëllefe fir de Schutz vum Feldhamster an Zesummenaarbecht mat de Baueren opgestallt oder ausgefouert ginn. Deemno ginn et aktuell fir dës Aart weder Subventiounsprogrammer nach Entschiedegungsprozeduren.

Iwwer de "Plan stratégique national", méi konkret duerch d'Mesure 540 ("Förderprämie zum Einstieg in eine nachhaltige und umweltfreundliche Landwirtschaft"), ass awer den Asaz vu Rodentiziden an den Natura 2000 Gebidder am Prinzip net erlaabt.

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2024

(s.) Martine HANSEN
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau